NEWSLETTER JULI 2016

Remise des Insignes 2016

Den 20. Abrëll huet am Forum Campus Geesseknäppchen ënnert der Präsenz vum S.A.R. Prënz Guillaume, dem Educatiounsminister Claude Meisch an vill aneren Éieregäscht d'*Remise des Insingnes 2016* stattfonnt. Em 600 Leit, dorënner Direkteren vun den Lycéeën, d'Elteren an all déi fräiwëlleg Mataarbechter vum Mérite Jeunesse, haten deen Owend de Wee an de Forum font fir bei der Remise vun 192 Certificaten dobäi ze sinn an déi Jonk kräfteg ze applaudéieren.

Den Jugendpräis *Prix du Mérite Jeunesse*, deen och all Joer op dësem Owend iwwerreecht gëtt, ass dëst Joer un de Projet vum Péitenger Jugendhaus « eng Schoul fir den Togo » gaangen. Dëse Projet gouf 2011 an Zesummenaarbecht mat der Vereenegung *Levier Solidarité* an d'Liewen geruff. Sie hunn den Schüler am Togo et erméiglecht een Daach iwwert dem Kapp ze hunn an Bänken fir drop ze schreiwen.

Niewent musikalesche Einlagen an Participanten déi vun hiren Erfahrungen innerhalb vum Mérite Jeunesse erzielt hunn, war et d'Djuna Bernard, selwer och Gold Award holder, wat duerch den Owend gefouert huet.

Déi 9.EMAS Konferenz a Slowenien

Vum 27.-29. Juni hun den S.A.R. Prënz Guillaume an d'Astrid de Leeuw, aus dem Nationalbureau, zu Bled an Slovenien Lëtzebuerg op der 9. EMAS Regional Conference vertrueden. Fotoen fann dir um Internet ënnert: http://emasconference.mepi.si

Abschied vum Adeline Krausch

Säit 2008 war d'Adeline Krausch am Bureau vum Mérite Jeunesse mat Häerz a Séil fir d'Unitéiten wéi och fir d'Participanten do. Enn Mee huet hatt seng Tâche dunn ofgin. Villmools Merci Adeline fir all deng Aarbecht déi's du an den Mérite Jeunesse gestach hues !

Agenda

14.09	Visite S.A.R. Prënz Guillaume Europaschoul Kierchbierg
16.09-18.09	Nationalexpeditioun
12.10	Visite S.A.R. Prënz Guillaume Centre Convict Episcopal
15.10-16.10	Formatioun *Award Leader*
08.11	Visite S.A.R. Prënz Guillaume École de Commerce et de Gestion

Proud to be
THE DUKE OF EDINBURGH'S INTERNATIONAL AWARD
In Luxembourg

Léiwen Participant…

A leschter Zäit hunn der vill vun iech vergiess, dass et wichteg ass bei enger Expeditioun een « Assessor », een Erwuessenen deen sech mam Mérite Jeunesse an der Navigatioun auskennt, op der Plaz dee Weekend mat dobäi ze hunn. Wann dir keen zur Verfügung hutt da frot bei ären Tuteuren oder am Nationalbureau no!

Wichteg ass och, dass dir iech fir all Niveau nei umellt! Dat heescht wann's du elo däi Bronze oder Sëlwer fäerdeg hues an du wells Sëlwer oder Gold ufänken, da vergiess nit dech an denger Unitéit nees nei unzemellen!

Nationalexpeditioun an aaner Expeditiounen am September

Vum 16.-19. September fent d'Finale fir den Niveau Bronze a Sëlwer statt. D'Preparatiounen lafen op vollen Touren an d'Team freet sech iech no der Summervakanz um Weekend am Norden vun Lëtzebuerg bei ärem Hike ze begleeden. Et gëtt bestëmmt erem vill gelaacht an schéin Erfahrungen gesammelt.

Och d'Europaschoul an d'École Privée Sainte-Anne sinn deen Weekend mat Participanten aus hiren Schoulen am Norden vun eisem Ländchen ënnerwee.

Fotosmaterial:

Hudd dir op ärer Expeditioun flott Fotoen gemaach an sidd averstan wann déi op eisen Plakater, Internetsite,… veröffentlecht ginn? Da scheckt eis se einfach per Email op: monique.kellen@youth.lu

Prix du mérite

Sidd dir oder kennt dir ee Grupp vun Jonken Leit zwëschen 14-25 Joer déi an engem Projet engagéiert sinn deen eng Unerkennung verdéngt? De Projet kann aus 4 Beräicher kommen: Volontariat, Aventure an Entdeckung, Talent a Kompetenzen oder aus dem Sport. Scho fir déi 11. Kéier ass den Prix du Mérite lancéiert ginn an dir kennt iech bis den 1. Dezember umellen. Weider Detailer fann dir demnächst op eisem Internetsite.

Léif Responsabel…

Lizenzcheck

Den Nationalbureau huet am Juni ugefaangen, ee Joer nodeems d'Unitéiten hier Lizenz ënnerschriwwen hunn, Visitten duerchzeféieren an bei där Geleeënheet och iech léif Tuteuren kennenzeléieren an mat iech iwwert den Oflaf vum Mérite Jeunesse an ärer Schoul/Organisatioun ze schwätzen. Mir freeën eis op déi weider Visitten am Hierscht!

Versammlung den 30.06 am Forum

Fir mol eng Kéier kënnen iwwert d'Expeditiounen vum Mérite Jeunesse ze diskutéieren, haten sech 10 Unitéiten zesummenfont.Et war een interessanten an konstruktiven Austausch iwwert déi momentan Situatioun an et ass festgehalen ginn fir sech och an Zukunft 1-2 Mol am Joer ze gesinn fir besser kënnen zesummen ze schaffen.

Award Leader Formatioun vum 15.-16. Oktober

Start dir als nei Unitéit, wëllt dir äert Wëssen opfrëschen oder feelt iech nach déi néideg Formatioun fir an ärer Unitéit Responsabelen ze ginn ? Dann mellt Iech bis den 16. September am Nationalbureau un.

Soirée des Tuteurs

Wéi all Joer steet och dësen Hierscht rem d'Soirée des Tuteurs um Programm an dëst den 20. Oktober um 18h am Forum Geesseknäppchen. Ee klenge Merci vum Mérite Jeunesse fir är super Aarbecht an Mataarbecht an den Unitéiten!

Good news :

Et ass geschwen sou wäit…iwwert den Summer gëtt déi nei Websäit vum Mérite Jeunesse fräigeschalt an do kennt dir iech dann och déi verschidden Dokumenter eroflueden an Informatiounen iwwert den Award liesen. Den Site gëtt op Englesch gestart, wäert dann awer och op Lëtzebuergesch an Franséisch iwwersat ginn.

Proud to be
THE DUKE OF EDINBURGH'S INTERNATIONAL AWARD
In Luxembourg